Laboratoire d'Etudes Queer, sur le Genre et les Féminismes – LEQGF Asbl

29 janvier 2025

Table-ronde & discussion

10 Joer Ouverture vum Mariage fir gläichgeschlechtlech Koppelen zu Lëtzebuerg: Réckbléck(er) an Aussiichten

10 ans de légalisation du mariage pour couples de même sexe au Luxembourg : rétrospective(s) et perspectives

Den **29. Januar 2025** organiséiert de **LEQGF – Laboratoire d'Etudes Queer, sur le Genre et les Féminismes Asbl** mam **Rainbow Center** eng Table-ronde mat Aktivist*innen, déi aktiv dorunner bedeelegt waren, de gläichgeschlechtleche Mariage zu Lëtzebuerg ze fuerderen. Eis Panelist*innen diskutéiere réckbléckend d'Erfolleger, wéi och d'Erausfuerderunge fir d'LGBTIQ+ Community zu Lëtzebuerg.

D'Diskussioun baséiert sech haaptsächlech op d'Erënnerunge vun de Panelist*innen:

Wéi eng intern Diskussioune gouf et? Wéi huet een sech organiséiert?
Welch Aktiounen/Campagnen si gelaf? Wien huet um Niveau vu Politik a Gesellschaft dëse Kampf ënnerstëtzt?

RDV de Mëttwoch, 29. Januar 2025 um 18.30 Auer am Rainbow Center
(19 Rue du St Esprit, 1475 Ville-Haute Luxembourg)

Diskussioun op Lëtzebuergesch mat Simultaninterpretatioun op Franséisch.
D'Diskussioun gëtt per Video mat Toun opgeholl.

No der Diskussioun stousse mir zesummen u bei engem klengen Iwwerraschungssnack.
Umeldung erwënscht: https://forms.gle/c9NAkXHMqKxoiEvLA // **Begrenzt Sëtzplazen: first come, first served.**

*****

Le **29 janvier 2025**, le **Laboratoire d'Etudes Queer, sur le Genre et les Féminismes – LEQGF Asbl** et le **Rainbow Center** organisent une table-ronde avec des militant·e·s impliqué·e·s dans la revendication du mariage pour couples homosexuels au Luxembourg. Nos panélistes reviennent sur les réussites ainsi que les défis pour la communauté LGBTIQ+ au Luxembourg.

La discussion s'appuie principalement sur les souvenirs des panélistes :

Quelles discussions internes y a-t-il eu ? Comment se sont-iels organisé·e·s ?
Quelles actions/campagnes ont été menées ? Qui a soutenu cette lutte au niveau politique et social ?

RDV le mercredi 29 janvier 2025 à 18h30 au Rainbow Center
(19 Rue du St Esprit, 1475 Ville-Haute Luxembourg)

Discussion en luxembourgeois avec interprétation simultanée vers le français.
La discussion sera filmée (image et son).

Après la discussion, nous nous retrouvons autour d'un verre et d'un goûter surprise.
Inscription souhaitée via le formulaire. **Places limitées : premier arrivé-premier servi.**

*****

Panelist*innen // panélistes:

- **François Diderrich**, vun 2002 bis 2011 Präsident vu Rosa Lëtzbuerg, huet bal 10 Joer fir d'Cause LGBTIQ+ beim Gouvernement an de Parteie militéiert.

- **Gabriele Schneider**, vun 2011 bis 2018 Präsidentin vu Rosa Lëtzebuerg, huet d'Verhandlunge virun der Ofstëmmung 2014 matgemaach an och d'Zäit nom Akraafttrieden 2015 materlieft.

- **Laurent Boquet**, seit 2007 Member vu Rosa Lëtzebuerg, huet 2007 d'Campagne „och fir eis" an d'Liewe geruff a war zu dem Zäitpunkt 17 Joer al.

- **Weider Panelist*in**, tbc

- **Moderatioun**: Sandy Artuso, LEQGF Asbl

*****

- **François Diderrich**, président de Rosa Lëtzebuerg de 2002 à 2011, a milité près de 10 ans pour la cause LGBTIQ+ auprès du gouvernement et des partis politiques.

- **Gabriele Schneider**, présidente de Rosa Lëtzebuerg de 2011 à 2018, a participé aux négociations avant le vote de 2014 et a également été témoin de la période qui a suivi son entrée en vigueur en 2015.

- **Laurent Boquet**, membre de Rosa Lëtzebuerg depuis 2007, a lancé la campagne "och fir eis" la même année et avait alors 17 ans.

- **Panéliste supplémentaire**, à confimer

- **Modération** : Sandy Artuso, LEQGF Asbl

*****

An Zesummenaarbecht mam / En collaboration avec le Rainbow Center

*****

Bei wieder Froen, kennt dir iech un d'Ekipp vun LEQGF wenden // Pour toute question, veuillez vous adresser à l'équipe LEQGF: leqgflux@gmail.com

Retour op d'Table-ronde & Audio-Opnam

Den 29. Januar 2025 huet de LEQGF – Laboratoire d'Etudes Queer, sur le Genre et les Féminismes Asbl zesumme mam Rainbow Center eng Table-ronde organiséiert mat Aktivist*innen, déi aktiv dorunner bedeelegt waren, de gläichgeschlechtleche Mariage zu Lëtzebuerg ze fuerderen. Eis Zäitzeie waren:

- **François Diderrich**, vun 2002 bis 2011 Präsident vu Rosa Lëtzbuerg, huet bal 10 Joer fir d'Cause LGBTIQ+ beim Gouvernement an de Parteie militéiert.

- **Gabriele Schneider**, vun 2011 bis 2018 Präsidentin vu Rosa Lëtzebuerg, huet d'Verhandlunge virun der Ofstëmmung 2014 matgemaach an och d'Zäit nom Akraafttrieden 2015 materlieft.

- **Laurent Boquet**, seit 2007 Member vu Rosa Lëtzebuerg, huet 2007 d'Campagne „och fir eis" an d'Liewe geruff a war zu dem Zäitpunkt 17 Joer al.

Mir hunn eis och besonnesch iwwert d'Präsenz vun eisen Éieregäscht gefreet, dem **Jean-Paul an dem Henri**, der éischter schwuler Koppel déi 2015 bestuet gouf.

Fir eis Intervenant·en an Éieregäscht hu mer e ganz spezielle Cadeau produzéiere geloos:

Eng Medaile aus Zënn, entworf an handgegoss vu FerroForum asbl, zu Éiere vun der Noces d'Étain, also den 10 Joer vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppelen zu Lëtzebuerg.

Fir säin Engagement a fir seng queer Archive krut Rosa Lëtzebuerg Asbl och eng Medaile.

Model fir de Goss

Fäerdegt Produkt

Et handelt sech em eng limitéiert Editioun (12 Stéck) an all Stéck ass een Unikat.
Säi Wäert leit bei ongeféier 50€.

Ween nach eng Kéier an d'Table-ronde eralauschtere wëll, fënnt d'Opnam um Spotify vum Rainbow Center.

https://open.spotify.com/episode/2rYdUifdF0CusnJdkuKuxz